E klengt Déier mat enger grousser Roll

## Firwat de Kéiseker schützen?



- **Hie reguléiert op natierlech Aart a Weis Insekten**, Schleeken an aner kleng Déieren an ass domat eng wäertvoll Hëllef am Gaart.
- Seng Präsenz weist op e gesond Ëmfeld hin, wärend säi Verschwannen **d'Gläichgewiicht vun den Ekosystemer stéiert**.
- De Kéiseker ass e **Symbol vun eiser Natur a vun eiser Biodiversitéit**, déi zu Lëtzebuerg staark ënner Drock steet.

### Infokëscht :

Et kënnt vir, dass e Kéiseker am Laf vum Wanter kuerz erwächt. Dat ass normal a bedeit net automatesch, dass en Hëllef brauch.

De Kéiseker ass eng geschützten Aart zu Lëtzebuerg. Et ass verbueden, e Kéiseker anzefänken, ze transportéieren, ze halen oder him Schued zouzefügen. Wann e blesséiert oder an Nout ass, soll en engem spezialiséierte Fleegezentrum uvertraut ginn.

## Loosst eis zesummen handelen !

All Gaart zielt. Scho kleng Geste kënnen e grousse Ënnerscheed fir de Kéisecker an eis Biodiversitéit maachen.

De Projet „**Gëff dem Kéiseker säi Gaart zréck**" ënnerstëtzt lech mat praktesche Rotschléi a lokalen Initiativen. Mam **naturreseau** vu natur&ëmwelt kënne Gäert, Balconen, Schoulhäff a Gréngflächen zu wäertvolle Refugë fir d'Natur ginn. Zesumme schafe mir en ekologescht Netzwierk duerch ganz Lëtzebuerg.

Scannt de QR-Code fir déi komplett Broschür ze entdecken a matzemaachen.

### E Kéiseker an nout ?

**Wann Dir e blesséierte Kéiseker fannt, consultéiert w.e.g. d'Säit vum Centre de soins fir wëll Déieren.**

soutenu par œuvre nationale

natur&ëmwelt

naturreseau by natur&ëmwelt

lu

naturreseau by natur&ëmwelt

# Gëff dem kéiseker säi gaart zréck



# E noper a gefor

Fréier war de Kéiseker e reegelméissege Gaascht an eise Gäert. Haut gëtt en ëmmer méi seelen. Zu Lëtzebuerg gëllt en haut als eng menacéiert Aart.

## D'Haaptursaache sinn :

- ***De Stroosseverkéier:*** eng vun den heefegsten Doudesursaache bei erwuessene Kéisekeren.
- ***Verloscht a Fragmentéierung vu Liewensraim:*** Hecken, Bongerten an naturno Gäert verschwannen.
- ***Dréit an Infrastrukturen***: Kéisekere leeë grouss Distanzen zeréck. Dicht Dréit a Stroossen zerschneiden hire Liewensraum.
- ***Intensiv Gäert:*** kuerz geschnidde Wiss, ewechgeraumte Blieder- a Holzkéip an e Manktem un natierlechen Ënnerstänn.
- ***Pestiziden a Schleekekären:*** si reduzéieren d'Insekten, vun deene sech de Kéiseker ernärt, a verschidde Produkter kënnen en direkt vergëften.
- ***Méiroboter, déi nuets agesat ginn:*** si kënnen de Kéiseker schwéier blesséieren oder esouguer ëmbréngen.
- ***Mangel u Narung:*** de Réckgang vun den Insekten an der Kulturlandschaft trëfft och de Kéisecker.

### Méiroboter

Méiroboter stellen eng grouss Gefor fir Kéisekeren duer, besonnesch nuets, wa si aktiv sinn.

Wann Dir e Méiroboter benotzt, da loosst en nëmmen daagsiwwer fueren (am beschten tëscht 10 an 17 Auer).

## WÉI KANN ECH HËLLEFEN?



## Maacht Äre Gaart zu engem Paradis fir de Kéisecker



Loosst wëll Beräicher stoen (héicht Gras, dout Blieder), fir natierlech Stoppen ze schafen.

Loosst keen Offall leien, deen de Kéiseker verletze kéint, wéi Plastikssäck, Geméisnetzer, Béchsen oder Jughurtsdëppchen.

Planzt Hecken an heemesch Aarten, fir d'Biodiversitéit an d'Narungsangebot ze förderen.

Iert Dir méit, fräischneit, schneit oder Blieder- an Holzkéip verbrennt, kontrolléiert ëmmer, ob sech kee Kéiseker doranner verstoppt.

Verzicht op Pestiziden a benotzt Schleekemëttel, déi sécher fir de Kéiseker sinn.

Schaaft Duerchgäng duerch kleng Ouverturen (ongeféier 13 × 13 cm) an Dréit, fir Gäert mateneen ze verbannen.

Schaaft natierlech Ënnerstänn (Holz- a Bliederkéip, Hecken oder kënschtlech Ënnerstänn).

Stellt Waasser zur Verfügung a séchert geféierlech Waasserstellen.